N°7921
Entrée le 30.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7921 vum 24. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Generell gesäit d'Konzept vun den P+R'e vum Stat, déi d'CFL exploitéieren, vir, deem Client vun de Parkingen, deen nom Parken den op eng méi nohalteg Aart a Weis weider reest, also entweder den ëffentlechen Transport oder den Vëlo benotzt, oder mat engem aneren Automobilist covoituréiert, de Parking 24 Stonne gratis unzebidden.

Wann ee wëll, dass ee Parking just als Park-and-Ride benotzt gett, da muss ee béid Aspekter kontrolléieren – souwuel de "Park", wéi och de "Ride". De "Park" gëtt iwwert d'Parkdauer vu 24 Stonne kontrolléiert. De "Ride", also d'Weiderfueren nom Parken, gëtt a Länner a Stied, wou den ëffentlechen Transport net gratis ass, zum Beispill zu Amsterdam, duerch een "Check-out" iwwert de Billjet vum ëffentlechen Transport kontrolléiert. Fir de bëllegen (oder gratis) Tarif am Parking ze kréien, muss de Client beim Retour virweisen, dass en säi Billjet den Dag op der Haaptdestinatioun vum ëffentlechen Transport, wäit vum Parking eweg, validéiert huet.

Mam gratis ëffentlechen Transport säit dem 29. Februar 2020, falen souwuel d'mKaart ewéi d'Kontroll an der zweeter Klasse vun der Eisebunn, an och d'Valideuren an de Bussen eweg. Den "Check-out" kann also net méi iwwert de Wee vum Titre de Transport gemaach ginn. Fir dem Client, den P+R wëllt maachen, trotzdem kënnen 24 Stonne gratis parken unzebidden, an zwar egal, ob en vun do aus mam Zuch, Bus, Vëlo oder als Covoitureur eng gréisser Distanz weider reest, huet sech eng Beweiserbréngung iwwer Smartphone als déi fir de Client bequeemsten a fir d'CFL praktikabelst Léisung erausgestallt. De Client ka sech d'CFL P+R-App gratis eroflueden an sech gratis enregistréieren.

Zousätzlech bitt all P+R vun der CFL, 30 Minutte Gratisparken u fir eng Dépose-Minute. No deenen 30 Minutten hunn déi Leit déi net wëlle vun der App getracked ginn, keng aner Méiglechkeete fir vun der gratis Offer ze profitéieren, well den Tracking noutwenneg ass fir kennen ze beweisen dass een sech nom Parken iwwert eng gréisser Distanz déplacéiert huet.

Wann ee just de "Park", mä nët och de "Ride" kontrolléiert, da gëtt de Parking, wéi dat zum Beispill Schüler vum Campus Geesseknäppchen um Parking "Bouillon" an der Stad maachen, am Sënn vun engem Quartiersparking och vun Autoë beluecht, deenen hir Insassen direkt beim Parking hir Destinatioun hunn.

Wéi laang d'Donnéeë vun der CFL-App gehalen a wou se gespäichert ginn, ass an der ëffentlech zougänglecher Dateschutzbestëmmung https://www.cfl.lu/fr-fr/legalinfos/detail/notice-d-information-en-matiere-de-protection-(4) opgefouert. D'Tracking-Donnéeë gi 6 Méint laang no der Benotzung gehalen, dëst och zum Deel als Iwwerpréifméiglechkeet bei Kontestatiounen oder bei Reklamatiounen. Dës Tracking-Donnéeën ginn op engem Server gespäichert deen der CFL reservéiert, a bei engem Partner vun der CFL a Westeuropa gehost ass.

Laut veröffentlechter Dateschutzbestëmmung huet e reduzéierten Undeel un CFL-Mataarbechter, déi de Betrib vun de P+R-Anlagen a vun der App betreien, Zougrëff op dës Donnéeën. Prinzipiell kënnen dës Donnéeën och benotzt gi fir Park-Abusen ze erkennen. Am Fall vun engem Incident oder engem Abus kënne laut veröffentlechter Dateschutzbestëmmung och aner administrativ Mataarbechter vun der CFL dës Daten agesinn.

D'Erstellung vun engem Beweegungsprofil mëttels de gesammelten Donnéeën ass net méiglech. Laut veröffentlechter Dateschutzbestëmmung gi just folgend Donnéeën 6 Méint laang gehalen: den Agangspunkt an de P+R an entweder den éischte Punkt ausserhalb der Zone wou et Gratuitéit gëtt, oder dee leschte Punkt an der Zone, wann déi net innerhalb vu 24 Stonne verlooss gouf. All Tëschepunkt gëtt beim Empfang vum neie Punkt geläscht. Prinzipiell gëtt ongeféier all 5 Minutten nei lokaliséiert. Schlussendlech huet d'App also net méi Localisatiouns-Informatioun gespäichert, wéi wann den Check-out iwwert mëttels Titre de Transport iwwert ee geolokaliséierte Valideur gemaach géif.

D'Unzuel vun den Donnéeën gouf op e strikte Minimum begrenzt, fir déi funktional Ufuerderungen ze erfëllen.

Lëtzebuerg, de 26. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch